



Äntwert vun der Madamm Inneministesch, Taina Bofferding, op d'parlamentaresch Fro n°7023 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement zum Sujet "Introduction de brancards électriques"

Beim CGDIS gëtt et en techneschen Aarbechtsgrupp, deem seng Aufgab et ass, nei Equipementer op hir Leeschtung an Notzen ze préiwen, ier se am Kader vun enger ëffentlecher Ausschreiwung ugeschaaft ginn. De CGDIS huet mech driwwer informéiert, dass d'Afféierung vu Brancarde mat elektronischer Ënnerstëtzung gepréift ginn. No dëser Analys wäert een och eppes iwwert de Käschtepunkt kënnen soen.

Déi lescht Bestellung vun Ambulanzen datéiert vum 13. Dezember 2020 a goufe rezent un d'Asazcenteren ausgelievert. E Marché fir den Akaf vu weidere Rettungsween leeft.

Lëtzebuerg, de 14/11/2022.
D'Inneministesch
(s.) Taina Bofferding